

Ech wollt nach dozou Stellung huelen, well de Conseil d'Etat der Regirung de Reproche mécht, datt d'Ratifikatioun vum drëtte Protokoll ze spéit an der Prozedur ugefaangen huet. Dat erklären ech domat, well mir der Châmber proposéiere wollten, fir dat an engem Aarbechtsgang, dat heescht an engem Vote ze evakuéieren, well en internen Zesummenhank téschent dem drëtten an dem fenneste Protokoll besteet. Dat geschitt jo elo mam Vote vun dësen zwee Projets de loi.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Diskussioune as elo ofgeschloss. Mir kommen zu der Lecture vun den Artikelen a stëmmen dann dorriwwer of.

*Lecture du texte des projets de loi (par M. Jean Spautz)*

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen dann elo iwwer d'Projets de loi 4529 a 4530 of.

*Vote sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*

Déi fir d'Projetē sin, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

D'Projets de loi si mat 43 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, MM. François Biltgen, Willy Bourg, Lucien Clement, Nicolas Estgen (par M. Marco Schank), Pierre Frieden (par M. Willy Bourg), Marcel Glesener (par M. Nico Loes), Ady Jung, Norbert Konter (par Mme Marcelle Lentz-Cornette), Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Lucien Weiler;*

*MM. Mario Castegnaro, Mathias Greisch, Claude Halsdorf, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer (par M. Mario Castegnaro), MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz et Marc Zanussi;*

*MM. Eugène Berger (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, MM. Emile Calmes (par Mme Anne Brasseur), Henri Grethen (par M. Jean-Paul Rippinger), Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner), MM. Jean-Paul Rippinger et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen) et Fernand Greisen;*

*MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagner.*

As d'Châmber d'accord, fir d'Dispense vum zwete Vote ze gin?

(Assentiment)

Et as esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zu der Proposition de loi 4564 zum Här Jos Scheuer iwwer de Fëschbestand.

Esou wéi et am Artikel 59 vum Châmberreglement festgehalen as, stin dem Auteur vun der Proposition de loi, der Regirung an dene fënnef Fraktioune jeweils 10 Minutte Riednerzäit zur Verfügung.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Jos Scheuer.

## **8. Proposition de loi 4564 concernant la protection du cheptel piscicole**

**M. Jos Scheuer (LSAP), auteur.**- Här President, 1997 hun déi staatlech Servicer vun der Forstverwaltung an der Sauer, an der Musel an an der Our - also an de Grenzgewässer - ronn 150.000 eenzel Fësch ausgesat. Dat si ganz kleng Fësch, déi ee Summer al sin, bis zu enger Gréisst vun 30 Zentimeter. Dat ware Forellen, Eschen, Kaarpen, Hiechten, Schleien a Routaën, dat heescht also quer duerch de Gaart vun de Fësch, déi normalerweis an eise Gewässer misste grouss gin. Nieft däi grousser Zuel vun 150.000 Fësch sin och nach 21.000 Kilo vun däi selwechter Zort ausgesat gin. Et as also enorm!

D'Konklusioun doraus as, datt déi natirlech Regeneratioun an eise Gewässer nüt duergeet, fir e qualitativen a quantitative Fëschräichtum an eis Gewässer ze bréngen. Déi natirlech Regeneratioun geet nüt duer, fir den Aarteräichtum an d'Quantitéit an der Sauer, an der Mousel an an der Our ze garantéieren.

1985 hu mir an der Châmber en neit Fëschereigesetz gestëmmt. An deem Fëschereigesetz hu mir och de Fëscherpermis festgeluegt. Een, deen elo zu Lëtzebuerg wéll fësche goen, muss bezuelen. Mir hun en Inlandpermis an e Grenzgewässerpermis. An deem Gesetz iwwerhält de Stat och d'Verflichtung, fir dat Geld, wat do erakénn, énner anerem virrangege dofir ze huelen, fir dé Fëschbestand an eise Gewässer ze garantéieren.

Dee sougenanntene Grenzgewässerfong enthält am Moment 25 Milliounen. Stellt Iech emol vir, wat een dofir u Fësch kafe kéint! Mä et as evident, datt och aner Saache müssen domat gemaacht gin. Et as énner anerem geplant, fir de Projet "Saumon 2000" ze verwierklechen a fir verschidde Plazzen un eisc Grenzgewässer - virun allem un der Sauer - ze renaturéieren.

1979 as de Kormoran europawäit geschützt gin, an zwar mat Recht! Deemools sin et an Europa ongefëier 30.000 Kormorane gin. 1999 huet déi Zuel sech op d'manst mat 15 multiplizéiert. Mir hun haut an Europa ronn 450.000 bis 500.000 Kormoranen. Bis ufanks den 90er Jore war de Kormoran zu Lëtzebuerg quasi onbekannt. Haut ziele mir bei eise Grenzgewässer 500-600 Exemplairen.

Dir fant se nüt némmen un de Grenzgewässer, mä och um Stauséi, un de Baggerweieren an och zu Iechternach

um. Sëi. Zu Lëtzebuerg féent een déi Kormorane während 5 Méint. Hir Schlofplazzen erkennt een dorun, datt se aus "wäisse" Beem bestin, déi lues ofstierwen, well sech do eng Onmass vu Vigel iwwer d'Nuecht ophält. Si hu regelrecht Schlofcolonien. Während 5 Méint am Jor si si hei, vum Oktober bis de Mäerz.

Ee Kormoran frësst bis zu 500 Gramm Fësch pro Dag. D'Rechnung as da liicht gemaacht. Wann een d'Zuele ganz kleng asetz a seet, datt mir 400 Kormoranen hun, déi während 100 Deg all Dag 300 Gramm Fësch friessen, da brauche si 12.000 Kilo Fësch pro Jor. Dat sin 12 Tonne Fësch! Dat féiert zu folgender Konklusioun: weder d'Aussetze vu Fësch nach déi natürlech Regeneratioun gin duer, fir dat ze kompenséieren, wat déi Kormorane friessen.

Enner de Fëscher gët et dann och e Sproch, wann déi staatlech Camionë mat grousse Containere bëfueren, fir Fësch auszesetzen. Op der Sauer an op der Musel soë se dana: "Hei kënnt de Stat nees d'Kormorane fidderen."

Europawäit as du reagéiert gin, an zwar as den 30. Juli 1997 de Kormoran vun der europäischer Völleschutzdirektiv gestrach gin. Domadder war et dann den europäische Länner fräigestallt, fir dat selwecht an hirer nationaler Législation ze maachen.

Och dat as geschitt an Däitschland, a Frankräich an a Spuenien, an do as de Kormoran elo fräigi fir d'Juegd. Mä fräigin heesch net e Fräibréif kréien, fir egal wéi an egal wou op déi Vigel ze schéissen. All Land huet Konditiounen ausgeschafft, huet Restriktiounen ausgeschafft, fir datt d'Vigel net ausgerott gin.

Déi Proposition de loi, déi ech presentéieren, gesäit vir, dass den Artikel 5 vum Gesetz vum 24. Februar 1928 iwwer de Völleschutz ergänzt gët duerch ee Saz, nämlech deen heiten: "Sont considérés comme ne réquerant pas de protection les oiseaux ci-après:

paragraphie i) le grand cormoran (*phalacrocorax carbo sinensis cormoran*)".

Dat as déi Propositioun, déi absolut konform as zu denen dräi Texter, déi de Völleschutz reglementéieren, Här Gira. Dat as d'international Völleschutzkonvention,...

#### (*Interruption*)

Et wornert mech, dass den Här Huss net heibannen as.

#### (*Interruption*)

...et as konform zur Benelux-Konventioun an et as konform zur zitériter Europadirektiv.

Déi dräi Texter gesinn allen dräi Dérégatiounsméiglekhete vir. Wann elo déi Propositioun hei zu engem Gesetz gët, da gët d'Juegd méiglech, mä awer streng no dem Jueggesetz!

#### (*Interruption*)

Ech weess, dass Dir fir d'Juegd sid, Här Gira, mä Dir sid géint d'Fëscher.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Dat as nüt wouer!

**M. Jos Scheuer (LSAP), auteur.** - D'Juegd gët méiglech nom Jueggesetz, an da muss zwctens e Reglement geholl gin, an dat Reglement leet da fest, wéini d'Juegd op as a wéini se zou as. D'Regierung kann da Schutzmesuren aféieren, wann d'Population vun de Kormoranen drastesch erofgeet, wa se nees sollt sénken énnert e Seuil critique.

Déi heite Proposition de loi gesäit also absolut net vir, dass een de Kormoran sollt ausrotten.

Mä d'Fro, déi sech stellt, as: wivill dår Vigel kënnen eis Gewässer verdroen? Wivill kënnen der hei liewen, ouni dass d'Existenz vun engem gesonde Fëschbestand a Fro gestallt gët?

Et as also kee Fräibréif, fir se ofzknallen, mä et gët hei d'Méiglechkeet geschafen, fir gesetzlech Konditiounen opzestellen, fir den Naturhaushalt ze regléieren, an esou sollt och déi Proposition de loi hei diskutéiert gin, ouni Emotiounen, an engem Krees, wou all déi Lobbyën, déi interesséiert sin, sech un een Dësch zesummesetzen.

Ech soen Iech merci.

**M. Niki Bettendorf (DP).** - Här President, va dass den Här Scheuer de Kormoran studéiert huet, wollt ech hie jhust froen, ob et en zaarte Villchen as?

**M. Jos Scheuer (LSAP), auteur.** - De Kormoran as e ganz schlaue Vull. Et kann een dovun ausgoen, dass ee se verdrivwe kritt, ouni dass een der muss öfschéissen, mä et gët och Leit heibannen an der Châmber, déi soen; et misst een emol kucken, wéi se am beschten zoubereet ginn.

**M. le Président.** - Den Här Nico Loes huet d'Wuert.

#### *Discussion*

**M. Nico Loes (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt némmen eng ganz kuerz Bemerkung dozou maachen.

Den Här Scheuer huet elo jhust gesot, de Kormoran wir e ganz schlaue Vull. Da schéngt e mer bal dem Auteur vun der Proposition de loi ze gläichen.

#### *(Hilarité)*

Ech wollt jhust drop zréckkommen, dass den Här Scheuer hei gesot huet, dass mer missten oppasse mat de Kormoranen, wat de Cheptel piscicole ubelaangt, datt et keng Gefor soll gi fir eis Fëscher.

Ech géif proposéieren, fir déi Proposition de loi, déi den Här Scheuer elo hei abrechtfertigt, an déi zoustänneg

Kommissiouen ze verweisen, an och mat den Expären dorriwwer ze diskutéieren, well ech hu mech de Moië renseignéiert an der Forstverwaltung, an do hu se mer gesot, dass um Stauséi op der Uewersauer verschidde Kolonien do wiren, mä dass bis zum jétege Moment nach keng gréisser Gefor géing bestoë fir de Fëschbestand. Et kënnt een dann och iwwer d'Fëschreier schwätzen, déi um Stau sin, mä ech mengen, et soll ee kucken, dass een de Bestand vun de Vullen a vun de Fësch irgendwéi do am Gläichgewicht behält. Et misst een awer eng Kéier, wéi gesot, an där zoustännger Kommissiouen dorriwwer diskutéieren.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Camille Gira.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei as elo vill vu Vullen a vu Fësch geschwat gin. Ech hun zwar éischter d'Gefill, dass et hei drëm geet, fir Stëmmen ze fëschen, dass hei de rouden Hobbyfëscher aus dem Osten deem bloë Sportsfëscher aus dem Süden nach wëll virum 13. Juni eng Rei Stëmmen ewechfëschen an him d'Waasser aus der Baach ofzapen. Ech mengen, dat as éischter d'Ursaach vun dëser Proposition de loi, wéi déi reell Problematik dobaussen.

Ech fannen et och nüt ganz éierlech, dass den Här Scheuer a séngem Text, deen hié bei séng Proposition leet, iwwerhaapt déi dote Problematik nüt ernimmt. Hie mécht hei, wéi wa muer eng Rei Fëschzorten a Gefor a vum Ausstierwe bedrot wirén:

Här Scheuer, ech froë mech, wéi iwwer Zéngdausende vu Jore souwuel d'Fësch wéi d'Kormoranc konnten iwwerliewen. Soulaang wéi d'Mënschen nach keng Gewierrer haten, fir déi Vullen ofzeschéissen, hun a regelméiseggen Ofstänn déi zwee Bestänn sech an en Equiliber erabruucht.

Mir si vläicht néideg, als Mënschen, fir gewëss aner Prédateuren ze regulariséieren, well do aner Feinden nüt méi do sin, mä als Gréng si mer ganz hoffnungsvoll, dass d'Natur do, wa mer se gewäerde loessen, den Equiliber erém wäerd hirstellen, an et grad esou geschitt wéi mat aneren Déierczorten. Wann déi eng Iwwerhand kréien, dann deziméiere se déi aner Bestänn; dann as nüt méi genuch z'iessen do, an da wäerd dee Bestand vun de Kormoranen erém erofgoen. Mir si ganz zouversichtlech, dass dat esou as.

Déi Proposition de loi hei zeugt vun Ärem anthropozentresche Weltbild, dat sech och an anere Beräicher vun der Politik weist. Mir Gréng hu vill méi Vertrauen an d'Natur selwer, an dofir gesi mer de Senn vun dëser Proposition de loi nüt an.

**M. le Président.**- Domat as dése Punkt ofgeschloss, a mir kommen zum nächste Punkt vun eiser Dagesuerdung, d'Proposition de loi 4567 vum Här Marc Zanussi iwwer d'Assistance médicale à la procréation.

Den Här Zanussi huet d'Wuert.

## 9. Proposition de loi 4567 de M. Marc Zanussi relative à l'assistance médicale à la procréation

**M. Marc Zanussi (LSAP), auteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hun eng Proposition de loi déposéiert, déi den Titel dréit "proposition de loi relative à l'assistance médicale à la procréation". Et kënnt ee sech vläicht d'Fro stellen, fir wat esou eng Proposition de loi an dësem Parlament?

Ech ka soen, dass d'Ursaache fir dës Proposition drop zréckféieren, dass eng Rei vu Koppelen hei zu Lëtzebuerg, bekannter an onbekannter, mech driwwer informéiert hun, dass se Schwiregketen hun, Kanner ze kréien, doduerch dass zum Beispill ee vun de Partner steril as oder gefaart huet, fir Kanner ze kréien, doduerch dass ee vun de Partner eng méiglech verierfbar Krankheet huet an dat natirlech zu engem relativem Ongléck bei dene Koppele gefouert huet. An dësem Fall wir eng Hëllef némme méiglech, andeems een entweder eng befruchtet weiblech Eezell verplanze kënnt, respektiv eng Samenspend kënnt maachen.

No klenge Recherchen hei am Land hun ech festgestallt, dass mir, fir dee medezinesche Prozess ganz ze maachen, keng medezinesch Arichtungen hun, a mir hun och zwetens keng Base légale, fir esou Behandlungen ze maachen. Et as allerdéngs méiglech, wann een den éischten Deel vum medezinesche Prozess an engem anere Land maache léisst, sief et a Frankräich, an Däitschland, an der Belsch oder an Holland, weiblech befruchteten Zelle mat an d'Land ze bréngen, bei säi Gynekolog, an do déi Verplanzung ze maachen. Dat geet, mä den éischten Deel vum Prozess as bei eis nüt méiglech.

Ech hu mer dun déi verschidde Gesetzgebungen ugekuckt, déi et an eisen Nopeschlänner gët. An der Belsch gët et scho méi laang eng Tradition an deem dote Beräich. D'Fransousen hun ebefalls eng Gesetzgebung vun 1994. An Däitschland an an Holland gët et och eng.

Ech hu mer déi verschidden Texter ugekuckt. Déi eng si méi restriktiv, déi aner si méi large, a bei deem Text, deen hei virläit, handelt et sech èm en Auszuch vun enger Rei vun Artikelen aus der Loi bioéthique vun 1994 aus Frankräich. Dëst Gesetz as am Verglach zu denen aneren éischter restriktiv. Ech war awer beim Choix dovunner ausgaangen, dass déi méi restriktiv Gesetzgebung sech éischter der Mentalitéit hei zu Lëtzebuerg géing upassen, èmsou méi well mer déi Diskussiouen iwwer dësen Thema, wat jo awer nüt némmen e medezineschen, mä och en etheschen as, éischter delikat as, nach nüt gefouert gin as, an dofir soll ee ganz vîrsichteg un déi Diskussiouen erugoen.

Zu der medezinescher Säit vläicht e puer Bemerkungen.

De Progrès an der Biologie huet et an dene leschte Jorzéngten erlaabt, de Mechanismus vun der Befruchtung ze reproduzéieren. D'Insémination artificielle, eng Be-